## Evangelium vu Péngschten (um Dag) (Joer C)

## Joh 14,15-16.23b-26

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

15 De Jesus sot zu senge Jünger:
"Wann dir mech gär hutt,
haalt dir iech u meng Geboter.
16 Da froen ech de Papp,
an hie gëtt iech en anere Bäistand,
fir datt deen an all Éiwegkeet bei iech ass.

23b Wann ee mech gär huet,
hält hien sech u mäi Wuert.
Dann huet mäi Papp hie gär,
a mir komme bei hien an huelen eis Wunnecht bei him.
24 Wie mech net gär huet,
deen hält sech och net u meng Wierder.
Dat Wuert, dat dir héiert, ass awer net mäin eegent Wuert,
ma dem Papp säint, dee mech gescheckt huet.

25 Dëst hunn ech iech elo gesot, wou ech nach bei iech sinn.
26 De Bäistand awer, den hellege Geescht,
deen de Papp a mengem Numm schéckt,
dee léiert iech alles,
an hien erënnert iech un alles, wat ech iech gesot hunn."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*